

# Lëtzebuurger Literaturs-Kalenner fir 't Jor 1991

Ce calendrier comporte pour chacun des douze mois de l'année 1991 une poésie d'un écrivain actuel de langue luxembourgeoise.

On découvrira ainsi cinq poètes du Pays d'Arlon, quatre poètes du Pays thionvillois, un poète du Pays de Bitburg, un poète du Luxembourg et un poète du Pays de Bouzonville.

Sur chaque page, vous trouverez une reproduction d'une carte postale ancienne d'un village de l'Arelerland.

Les cartes reproduites dans ce calendrier nous ont été aimablement prêtées par M. Gaby THOMMES d'Arlon (Arel) et sélectionnées pour vous par Mme Simone CLESSE de Sampont (Sues).

Ce calendrier a été réalisé et édité par **Hemechtsland a Sprooch** association pour la promotion et la défense de la culture francique luxembourgeoise.




# Arel : de Kiosk am Park.

*As Pauls Bekéierong*
*Hell a Klor*
*Dun hoffe mer*
*op e gutt Jor.*

**1991**

## fir méng Sprooch

'T deet mer esou wéi
wann ech méi a méi gesinn
Eis jong Leit vun doheem
bei d'Biirger fortlafen
An dann Aart, Saaft a Kraaft
den Aner verkafen...
Si mer weider näischt
wi Bürofleesch fir di Frimm?

Ech spire mech schlecht
wann ech Dag no Dag gesinn
Wéi eis arem Al
an d'Hospissen dacks plënnren
An an de grousse Stied
- wou se nëmmen hënnren -
Zweemol musse stierwen
an näischt derbäi verstin.

'T gefällt mer och nit déck
wann ech stéideg gesinn
Eis kleng Kanner an der
wäälscher Sprooch opzillen.
Firwat musse mer
mam Därri billen ?
Kann de Geescht ës bleiwen
wann d'Wiirder ës vergin ?

Määrder a Séilendéif
dien d'éiwech Kett zerbrécht.
Mat dier mer Liewe schäffen
déif aus eegnem Bur !!!
Wat gutt war fir di Al
géif fir di Jong verluer...
Amer héilten all stéil,
an 't wir keen dien nit krécht ?

**Nicolas BACH**
**(Tontel - Arelerland)**

## Januar - Haartmount

| | | |
|---|---|---|
| **Dënschdeg** | **1** | **Neijooschdag** |
| Mëttwoch | 2 | Addalar |
| Donneschdeg | 3 | Wewa - Wewi |
| Freideg | 4 | Rigobär |
| Samschdeg | 5 | Edi - Gerlach |
| **SONNDEG** | **6** | **Dräikinnekdag** |
| Méindeg | 7 | Aldrich |
| Dënschdeg | 8 | Luss |
| Mëttwoch | 9 | Allix |
| Donneschdeg | 10 | Wëllem |
| Freideg | 11 | Paulin |
| Samschdeg | 12 | Elred |
| **SONNDEG** | **13** | Iwett - Hillär |
| Méindeg | 14 | Fléx |
| Dënschdeg | 15 | Rëmi |
| Mëttwoch | 16 | Muerzel |
| Donneschdeg | 17 | Antoun |
| Freideg | 18 | Liber |
| Samschdeg | 19 | Wuelstan |
| **SONNDEG** | **20** | Baschtian |
| Méindeg | 21 | Agnis |
| Dënschdeg | 22 | Vinz |
| Mëttwoch | 23 | Illefooss |
| Donneschdeg | 24 | Fras |
| Freideg | 25 | **Pauls Bekéierong** |
| Samschdeg | 26 | Pola |
| **SONNDEG** | **27** | Anjhel |
| Méindeg | 28 | Thommes |
| Dënschdeg | 29 | Jhildes |
| Mëttwoch | 30 | Battil |
| Donneschdeg | 31 | Marsëli |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

1991

*De Februar baut*
*munnech Bréck*
*De Määrz brécht*
*hinnen 't Genéck*

Häärzeg : den ale Wäschbur.

# Februar-Spiirkel

## Kazemount-Schnéimount

| | | |
|---|---|---|
| Freideg | 1 | Sijhisbär |
| Samschdeg | 2 | **Liichtmesdag** |
| **SONNDEG** | **3** | Blasi |
| Méindeg | 4 | Vronni |
| Dënschdeg | 5 | Agätt |
| Mëttwoch | 6 | Gasti |
| Donneschdeg | 7 | Ujhënni |
| Freideg | 8 | Jhërrem |
| Samschdeg | 9 | Aplouni |
| **SONNDEG** | **10** | Arno |
| Méindeg | 11 | Giergen |
| Dënschdeg | 12 | **Fuesdënschdeg** |
| Mëttwoch | 13 | **Äschemëttwoch** |
| Donneschdeg | 14 | Välten |
| Freideg | 15 | Glued |
| Samschdeg | 16 | Jhulli |
| **SONNDEG** | **17** | **Dunesonndeg = Buurgsonndeg** |
| Méindeg | 18 | Wunnibald |
| Dënschdeg | 19 | Bounefaz |
| Mëttwoch | 20 | Léifchen |
| Donneschdeg | 21 | Rejhinald |
| Freideg | 22 | Babett |
| Samschdeg | 23 | Lazert |
| **SONNDEG** | **24** | **Bounesonndeg** |
| Méindeg | 25 | Adeltrud |
| Dënschdeg | 26 | Walbreg |
| Mëttwoch | 27 | Honorin |
| Donneschdeg | 28 | Oswald |

## D'Blimmchen

Eng Blimmche steet,
schéi, jonk a frësch,
Vru mir beim Wee,
Nët wäit vum Bësch.

Si huet mer léif
Entgéint geblénkt,
Awer am Wand
Mer nee gewenkt.

Ech hu mech dach
No hir gebéckt.
Si huet mer d'Hand
Op d'Säit gedréckt.

Ech hu se dann
Och nët gepléckt.
Hir Zaartheet hätt
Ech ganz zerdréckt.

A weider wisst se
Bei dem Wee.
Se richt sou gutt
Bei Fruucht an Hee.

Ganz frou nach, an
der klorer Loft,
Gët se mir mat
Vun hirem Doft.

Se bampelt, gréisst
mech voller Freed,
Wéi e braaft Kand
Dat Märsi seet.

**Charel HESSE**
**(Hettingen - Diddenuewenerland)**

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

1991

*Määrzschnéi*
*deet der Fruucht*
*an de Riewestäck wéi.*

Maartel : op der Grenz.

# Määrz - Lenzmount

| | | |
|---|---|---|
| Freideg | 1 | Sultbär |
| Samschdeg | 2 | Scharel |
| **SONNDEG** | **3** | **Krounesonndeg** |
| Méindeg | 4 | Humbert |
| Dënschdeg | 5 | Liff |
| Mëttwoch | 6 | Schrodegang |
| Donneschdeg | 7 | **Halleffaaschten** |
| Freideg | 8 | Jhang |
| Samschdeg | 9 | Frasel |
| **SONNDEG** | **10** | **Bratzelsonndeg - Hiirkesonndeg** |
| Méindeg | 11 | Rous |
| Dënschdeg | 12 | Maximilian |
| Mëttwoch | 13 | Roddi |
| Donneschdeg | 14 | Matill |
| Freideg | 15 | Lusi |
| Samschdeg | 16 | Benes |
| **SONNDEG** | **17** | **Ellesonndeg** |
| Méindeg | 18 | Landoald |
| Dënschdeg | 19 | Jhosi |
| Mëttwoch | 20 | Herbär |
| Donneschdeg | 21 | Kléimi |
| Freideg | 22 | Lea |
| Samschdeg | 23 | Rebeka |
| **SONNDEG** | **24** | **Pällemsonndeg - Hemechtsdag** |
| Méindeg | 25 | **Maria-Verkënnegong** |
| Dënschdeg | 26 | Dismes |
| Mëttwoch | 27 | Erkebald |
| Donneschdeg | 28 | **Gréngen Donneschdeg** |
| **Freideg** | **29** | **Karfreideg** |
| Samschdeg | 30 | **Karsamschdeg** |
| **SONNDEG** | **31** | **Ouschterdag** |

## Mei Sprooch

*Mei Sprooch és en klän Insel*
*Déi ëmmer kläner gët*
*Vun de Wellen verropt.*

*Mei Sprooch és en alter Bam*
*Verkroppelt un verwurzelt*
*Deer nach weider lewen wëll.*

*Mei Sprooch és en alt Mälen*
*Dat sein Herz verdrocken lisst*
*En seinem armséilegen Lewen.*


*Mei Sprooch és en Trän*
*Om Grousspappen sei Backen*
*Déi langsam ronnerrutscht.*

*Mei Sprooch és en klä Bloum*
*Em groussen Wald*
*Déi zwéschen de drocken Blädern*
*Noch en bësschen lachen wëll.*

*Mei Sprooch és en Wuert*
*Mei Sprooch es en Bild*
*Mei Sprooch és en Otem*
*Déi mer noch ém Newel... nowénckt.*

**Jean-Louis KIEFFER**
**(Fëlschtroff - Lottréngen)**

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1991

*De Guguck muss virum 15ten Abrëll sangen a wann et aus engem huele Bam as.*

Attem : d'Wäschfrae bäi der Baach.

## Abréil-Gecksmount

### Fréiléng

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg** | **1** | **Ouschtermëindeg** |
| Dënschdeg | 2 | Teo |
| Mëttwoch | 3 | Rich |
| Donneschdeg | 4 | Isi |
| Freideg | 5 | Vinz |
| Samschdeg | 6 | Marseli |
| **SONNDEG** | **7** | Jhangbatt |
| Méindeg | 8 | Jhilli |
| Dënschdeg | 9 | Waldi |
| Mëttwoch | 10 | Fulber |
| Donneschdeg | 11 | Stanni |
| Freideg | 12 | Jhull |
| Samschdeg | 13 | Iddi |
| **SONNDEG** | **14** | **Fliederscherdag** |
| Méindeg | 15 | Huna |
| Dënschdeg | 16 | Benn |
| Mëttwoch | 17 | Villis |
| Donneschdeg | 18 | Apel |
| Freideg | 19 | Emma |
| Samschdeg | 20 | Odda |
| **SONNDEG** | **21** | Anselm |
| Méindeg | 22 | Lex |
| Dënschdeg | 23 | Jhorsch |
| Mëttwoch | 24 | Fiddi |
| Donneschdeg | 25 | Maarks |
| Freideg | 26 | Alda |
| Samschdeg | 27 | Zitta |
| **SONNDEG** | **28** | **Tréischterin der Betrübten** |
| Méindeg | 29 | Katräin |
| Dënschdeg | 30 | Hellegard |

## Eise Muselwäin

Frëscht Brout um Dësch
matt Muselwäin,
Dat huet kee Fësch
am ganze Rhäin.
Ma mir hun dat
an nach vill méi,
hei an der Stad,
am Schaf, a Kréi.
De Béier kënnt
vum Krunn an 't Glas,
de Viz ee fënnt
am klenge Faass.
Vum Bäcker kréi
mir 't Brout vum Dag,
nët ouni Méi
geschitt déi Saach.
Du hues e gär,
de Muselwäin.
Wann dat nët wär
wir hien dach mäin.
Wou d'Musel zitt
laanscht eist schéint Land,
do hu mir kritt
fir jiddfer Kand.
De Muselwäin
as extragutt,
sou reng, sou fein
fir eise Mutt.
Laf bis zum Rhäin,
Musel, nach laang,
looss eis däi Wäin,
dee mir gefaang !

**Léopold KRUCHTEN**
**(Miezeg - Arelerland)**

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




Fruessem : de Pallenerwee.

AREELER LAND A SPROOCH

# 1991

*E Beieschwaarm am Mee,*
*as e Fudder Hee wäärt.*

# Mä -Oktavsmount

## Ech hun dech gär

Ech hun dech gär,
De weescht et jo :
Ech hun dir et gewis,
Nët nëmme mat Wierder,
- Och mat den Hänn,
A mat der Haut...
Wéi soll ech dat soen :
Dat, wou ech dir gär maachen,
Wann ech decg gär hun,
Firwat kinnt ech et nët soen?

Ech hun dech gär,
Sou muss een och soen,
Fir dat, wou mir zwee
Am Bett an am Fréijor man,
Wann déng Bee Beem gin,
Wa méng Haut duurch déng
schweescht,
Wa mir äis huelen,
- Wa mir äis gär hun !
Sollt ech mech schummen ?
Firwat kinnt ech et nët soen ?

Ech hun dech gär
Awer ech HUN dech nët.
Se soen, de wäärscht méng
Freiesch :
Ech gesi blous e fräit Meedchen.
Komm, mer gin äis gär hun,
Mir gin en aner een,
- Da vergeessen ech e bësschen
D'Welt, wou sou gro as,
D'Welt, wou se äis gebaut hun,
- Déi däi Gezai aus...

**Daniel LAUMESFELD**
**(Hamm - Diddenuewenerland)**

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch** | **1** | **Bittgang op Lëtzebuurg** |
| Donneschdeg | 2 | Galber |
| Freideg | 3 | Flëpp - Jhak |
| Samschdeg | 4 | Zilwes |
| **SONNDEG** | **5** | Hillar |
| Méindeg | 6 | Prudenz |
| Dënschdeg | 7 | Jhisäl ◐ |
| Mëttwoch | 8 | Idda |
| **Donneschdeg** | **9** | **Kristihimmelsfaart** |
| Freideg | 10 | Solãnsch |
| Samschdeg | 11 | Jhãngu |
| **SONNDEG** | **12** | **Mammendag** |
| Méindeg | 13 | Zerwaz |
| Dënschdeg | 14 | Mätti ● |
| Mëttwoch | 15 | Ruppert |
| Donneschdeg | 16 | Ubald |
| Freideg | 17 | Paskal |
| Samschdeg | 18 | Rick |
| **SONNDEG** | **19** | **Päischten** |
| **Méindeg** | **20** | **Päischteméindeg** ◑ |
| Dënschdeg | 21 | **Sprangprozessioun Iechternach** |
| Mëttwoch | 22 | Emil |
| Donneschdeg | 23 | Gibbert |
| Freideg | 24 | Donati |
| Samschdeg | 25 | Soffi |
| **SONNDEG** | **26** | **Dräifaltegkeetsdag** |
| Méindeg | 27 | Stinn |
| Dënschdeg | 28 | Jhermĩn ○ |
| Mëttwoch | 29 | Maximäin |
| Donneschdeg | 30 | Ferd |
| Freideg | 31 | Lotréngen |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1991

*Reent et Muedersdag
een Abléck
da reent et sechs Wochen
an engem Stéck.*

Esch op der Huurt : d'Wirtschaft "Beim Kréier".

## Weesekand

*Vun der ganzer Welt verlooss
Geet e Weesekand op d'Strooss
Fir séng Mamm ze besichen
Déi um kale Kiirfecht leit
An dem Graf dat wäiss verschneit*

*E Jong mat bleechem Gesiicht
Hat et an der Welt nët liicht
Jhust wor séng Mamm gestuerwen
Op de Kiirfecht schréckt en zou
Wou se leit zu leschter Rou*

*Wéi e Stier as se fort gaang
Dem Kéndchen war et ganz baang
Ouni eng léif Séil ze sin
Wat hat hien nach op der Äärd
Wäischt wat fir hien hätt ee Wäärt*

*Den aarme Wuurm knéit beim Graf
D'Tréine kommen am Gelaf
Séng Bäckelcher gi ganz naass
Mä der Dout kuckt nët duerno
Op 't Hor nach schwaarz odder gro*

*O Härgott an dem Himmel
Hief Erbaarmen eng Grimmel
A looss mech méng Mamm gesinn
Erhéier mäi klengt Gebiet
Och wann ech nët si beriet*


*Sou as d'Nuecht niddergaangen
D'Hellicht rëm ugefaangen
An d'Leit gin op de Kiirfecht
Aus enger wäisser Kusch Schnéi
Eng Hand - si réiert ni méi*

**Jhemp MERTES
(Lëtzebuerg - Guttland)**

# Juni - Broochmount
## Rousemount

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Jhust |
| **SONNDEG** | **2** | **Zerläichendag** |
| Méindeg | 3 | Kewwin |
| Dënschdeg | 4 | Klottil |
| Mëttwoch | 5 | Bounefaz ◑ |
| Donneschdeg | 6 | Norri |
| Freideg | 7 | Jhilbes |
| Samschdeg | 8 | Muedert |
| **SONNDEG** | **9** | **Pappendag** |
| Méindeg | 10 | Bogomill |
| Dënschdeg | 11 | Barnabas |
| Mëttwoch | 12 | Gido ● |
| Donneschdeg | 13 | Antoun |
| Freideg | 14 | Ruffin |
| Samschdeg | 15 | Väit |
| **SONNDEG** | **16** | Lutgard |
| Méindeg | 17 | Herwé |
| Dënschdeg | 18 | Lissbett |
| Mëttwoch | 19 | Romm ◐ |
| Donneschdeg | 20 | Zilwer |
| Freideg | 21 | Ruddi |
| Samschdeg | 22 | Albani |
| **SONNDEG** | **23** | Edeltrud |
| Méindeg | 24 | Jhangbatt |
| Dënschdeg | 25 | Prosper |
| Mëttwoch | 26 | Antel |
| Donneschdeg | 27 | Fern ○ |
| Freideg | 28 | Renni |
| Samschdeg | 29 | Péiter - Pol |
| **SONNDEG** | **30** | Adlëf |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




AREELER LAND A SPROOCH

# 1991

*Op Jakobsdag*
*zeidegt de weess.*
*'t sief naass*
*odder heess.*

Biedeg : laanscht der Sauer.

## Kättnuewen

*Lei brauch ee keen Tréinegas fir ze kräichen*
*Blödsinn dämmt aus den Uniformen*
*Helm, Stacheldrot a Fotoapparat*
*Poppespill am alternativen Hit-Parad*

*Fir Tchernobyl, mat der keng Bill*
*Zu Kättnuewe knallt et vläicht haut den Owend*

*French Propaganda, E.D.F. an tutti quanti*
*"Freess roueg Zalot a kuck de Platini*
*Komm "Wind-surfing" oppem Kär-kraaft-Séi probéieren*
*Mir kënnen der sougar 't Waasser waarm kréien"*

*Hänn an der Täsch a Croonergesit*
*Den Direkter äntwert nët ganz gedit*
*Wann futti Kundelen de Reakter netzen*
*Dierf de Kerel vun der Wouerecht nët schwätzen*

*Awer däi letschten Dag, da kommen d'Geeschter*
*Däin Numm steet schu laang op der schwaarzer Lëscht*
*Mat Feier a Flamen di se dech da stralen*
*An der Plutoniumshäll, do wäärtscht de da lannen.*

**Joseph NOUSSE**
**(Hëntingen - Silzerland)**

# Juli - Heemount

| | | |
|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Didderech |
| Dënschdeg | 2 | Otto |
| Mëttwoch | 3 | Tommes |
| Donneschdeg | 4 | Bert |
| Freideg | 5 | Antoun - Mari |
| Samschdeg | 6 | Godléif |
| **SONNDEG** | **7** | Willibald |
| Méindeg | 8 | Didbald |
| Dënschdeg | 9 | Veronika |
| Mëttwoch | 10 | Ulréch |
| Donneschdeg | 11 | Olga |
| Freideg | 12 | Sabin |
| Samschdeg | 13 | Héng |
| **SONNDEG** | **14** | **Donatiisdag an Areler Kiirmes** |
| Méindeg | 15 | Anemrei |
| Dënschdeg | 16 | Madlän |
| Mëttwoch | 17 | Lotti |
| Donneschdeg | 18 | **Donatiismass fir d'Dierfer** |
| Freideg | 19 | Arsenn |
| Samschdeg | 20 | Maargréit |
| **SONNDEG** | **21** | Vicki |
| Méindeg | 22 | Wandril |
| Dënschdeg | 23 | Gitt |
| Mëttwoch | 24 | Krëschtel |
| Donneschdeg | 25 | Jhokes |
| Freideg | 26 | Ann |
| Samschdeg | 27 | Nattali |
| **SONNDEG** | **28** | Wéckes |
| Méindeg | 29 | Marta |
| Dënschdeg | 30 | Pir |
| Mëttwoch | 31 | Ignaz |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1991

*Zankt Luerenz
mécht eng Saang
odder eng Strenz.*

Greimel : am Duerf.

# August-Huewermount

## Aascht-Karschnatz

### De Platt verluer

Wéi d'aner Kanner
Sin ech fréier an d'Schoul gaangen.
Wéi d'aner Kanner,
Hun ech 't Schreiwe geléiert.
An der Schoul
Hun ech och 't Rechne geléiert,
Ech hun och
't Liesen an 't Sangen geléiert.

Awer de Platt hun ech verluer !

An der Schoul
Hun ech eng Sprooch geléiert,
Awer déi Sprooch
war nët méng Hemechtssprooch.
Ech hun d'Geschicht
Vun engem Land geléiert,
Awer dat Land
war nët mäin Hemechtsland.

Awer de Platt hun ech verluer !

De Schoumeeschter huet mer
E ganze Koup Kabes beibruet
Ech hu missen d'Kricher
Vum Napoleon nach léieren
Se hu mer alleguerten
En décke Kapp gemat
A se hun de Geck mat mir gemat.

Awer de Platt hun ech verluer !

FIRWAT ? FIRWAT ?
Hun ech de Franzéisch misse léieren ?
FIRWAT ? FIRWAT ?
Hun ech de Platt nët geléiert ?

**Albert-Louis PIERNET**
**(Munnowen - Diddenuewenerland)**

| | | |
|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | Fooss |
| Freideg | 2 | Usch |
| Samschdeg | 3 | Liddi |
| **SONNDEG** | **4** | Jhang - Marri |
| Méindeg | 5 | Abbel |
| Dënschdeg | 6 | Oswald |
| Mëttwoch | 7 | Dëmmi |
| Donneschdeg | 8 | Jhänni |
| Freideg | 9 | Léif |
| Samschdeg | 10 | Luerenz |
| **SONNDEG** | **11** | Kläärchen |
| Méindeg | 12 | Klariss |
| Dënschdeg | 13 | Hipp |
| Mëttwoch | 14 | Arend |
| **Donneschdeg** | **15** | **Léiffrakrautdag** |
| Freideg | 16 | Roukes |
| Samschdeg | 17 | Hiazint |
| **SONNDEG** | **18** | Hëlli |
| Méindeg | 19 | Gerrech |
| Dënschdeg | 20 | Bern |
| Mëttwoch | 21 | Krëschtoff |
| Donneschdeg | 22 | Siffert |
| Freideg | 23 | Rëselchen |
| Samschdeg | 24 | Baartel |
| **SONNDEG** | **25** | Lui |
| Méindeg | 26 | Herlwin |
| Dënschdeg | 27 | Monika |
| Mëttwoch | 28 | Auguschtin |
| Donneschdeg | 29 | Medrech |
| Freideg | 30 | Fiaker |
| Samschdeg | 31 | Arri |

DRËCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1991

*Bréngt Méchelsdag Reen*
*du Kann een de Wanter*
*de Pelz undin.*

Arel : vrum Athénée.

# September-Hierschtmount

## Looss dach nit !

O! Papp, looss dach nit
Déng Sprooch sou kräichen,
Verspotten a verknaschten,
Verschwieren a verhonzen
a ganz fortgoen.

O! Papp, firwat nit
Déng Sprooch schwätzen,
Soen, schnëssen,
Rieden, bir'len
A gutt versuergen?

O! Mamm, looss dach nit
Déng Sprooch sou kräichen,
Versoen a versenken,
Verpechten a verdrecken
a ganz verdreiwen.

O! Mamm, firwat nit
Déng Sprooch schwätzen
Hur'len, brëllen,
Ruffen, pëschp'ren
a gutt verséch'ren?


O! Kand, looss dach nit
Déng Sprooch sou kräischen,
Zoudecken a verschäissen,
Versprëtzen a verschnëssen
a ganz verschwannen.

O! Kand, firwat nit
Déng Sprooch schwätzen,
Jäizen, bradd'len,
Tuddelen, sabb'len
an haart babbelen?

M'REDE Lex
(Sues - Arelerland)

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | **Bittgang op Kaschbur** |
| Méindeg | 2 | Ingrid |
| Dënschdeg | 3 | Gregg |
| Mëttwoch | 4 | Roseli |
| Donneschdeg | 5 | Lori |
| Freideg | 6 | Bertram |
| Samschdeg | 7 | Klodoald |
| **SONNDEG** | **8** | **Mariagebuurt** |
| Méindeg | 9 | Alli |
| Dënschdeg | 10 | Innes |
| Mëttwoch | 11 | Addelf |
| Donneschdeg | 12 | Viktoria |
| Freideg | 13 | Ammes |
| Samschdeg | 14 | **Kräizdag** |
| **SONNDEG** | **15** | Rolles |
| Méindeg | 16 | Editt |
| Dënschdeg | 17 | Lampert |
| Mëttwoch | 18 | Rischild |
| Donneschdeg | 19 | Milli |
| Freideg | 20 | Dawwi |
| Samschdeg | 21 | Mätti |
| **SONNDEG** | **22** | Morris |
| Méindeg | 23 | Kosi |
| Dënschdeg | 24 | Jhier |
| Mëttwoch | 25 | Hermann |
| Donneschdeg | 26 | Koum - Dammi |
| Freideg | 27 | Fënz |
| Samschdeg | 28 | Wenzel |
| **SONNDEG** | **29** | Méchel |
| Méindeg | 30 | Jhirem |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




# 1991

*De Lukassummer huet déi selwecht Kraaft wéi eng al Giedel.*

Béiben : beim Café du Centre.

## Kroutwëschdag

*Bräng mer ees e Streisschen Ieren,*
*bann och Blomen drann u Mon,*
*pléck dabei vil aner Planzen,*
*di de laast de Wäg séis ston :*

*Fangerhot, Kamilebleden,*
*och vun dänen uen der Baach,*
*ous de Gorden, ous de Wisen!*
*Mor hu mer nees Kroutwëschdag.*

*An de Kierich, vir der Humass*
*gët gesäänt méi Kreiderstrouss,*
*un dan huelen ech de Kroutwësch*
*heem nees mat an 't Elterhous.*

*Iweral kënnt hin en Äänchen :*
*béi den Härgott an de Stuf,*
*an de Stal un an de Scheier,*
*an de Schaf, wat iiwreg bluf.*

*Härgott, loss mat dëse Kreider*
*Säge kommen an ees Hous,*
*schätz vir Krankheet ees u Suurgen,*
*treif den Deiwel wéit erous!*

*Mottergottes, sän deng Kanner,*
*hal déi Mantel ousgebreet,*
*kuck, datt éich och béi dech kommen,*
*wa fir méich et Stinnche schleet.*

**Andreas SCHOLTES**
**(Irrel - Bélbregerland)**

# Oktober - Wäimount
## Gromperemount - Reismount

| | | |
|---|---|---|
| Dënschdeg | 1 | Tréischen |
| Mëttwoch | 2 | Liutwin |
| Donneschdeg | 3 | Gierend |
| Freideg | 4 | Fraassi |
| Samschdeg | 5 | Blumm |
| **SONNDEG** | **6** | Brunnes |
| Méindeg | 7 | Zersch |
| Dënschdeg | 8 | Pellajhi |
| Mëttwoch | 9 | Dënni |
| Donneschdeg | 10 | Jhislîn |
| Freideg | 11 | Firmi |
| Samschdeg | 12 | Wilfer |
| **SONNDEG** | **13** | Jherald |
| Méindeg | 14 | Kallist |
| Dënschdeg | 15 | Tréisi |
| Mëttwoch | 16 | Gall |
| Donneschdeg | 17 | Baldwin |
| Freideg | 18 | Laukes |
| Samschdeg | 19 | Renert |
| **SONNDEG** | **20** | Wendelin |
| Méindeg | 21 | Urschel |
| Dënschdeg | 22 | Loddi |
| Mëttwoch | 23 | Jhang |
| Donneschdeg | 24 | Ewergil |
| Freideg | 25 | Angelram |
| Samschdeg | 26 | Dimm |
| **SONNDEG** | **27** | Eemlin |
| Méindeg | 28 | Simm - Judd |
| Dënschdeg | 29 | Ermelind |
| Mëttwoch | 30 | Dor |
| Donneschdeg | 31 | Wollefchen |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ



D.V.D. 12564
Clairefontaine. — Ruines de l'Abbaye.

ARELER LAND A SPROOCH

# 1991

*Wann et viru Määrtesdag fréiert*
*datt et eng Gäns dréit,*
*da gët et keen haarde Wanter.*

Badebuurg : d'Ruin vun der aler Abtei.

# November-Wantermount

## Allerhelgemount-Niwwelmount

## Deen aner Dag

De Béier war kal
De Pätter war mëll
An déng Stëmm esou séis
Huet mer nach gekléinkt
Deen aner Dag mueres
An den Oueren

Deer Leit ware vill
Geraacht as och gin
An däi Klaunk esou méil
Huet mech nach gestréilt
Deen aner Dag Mëttes
Hei uewen am Hals

Déi eng hu gespiilt
Déi aner gebillt
An déng Aen esou déif
Hu mech nach gewéit
Deen aner Dag owes
Wéi laang an der Nuecht

Do iwer geréckt
Hei ënner gedréckt
An däi Schrack esou lues
As mer nach getratt
Déi aner Dag stéits
Hei hannen am Kapp

Mäin Noper dee gaapst
Séng domm Fra déi klaatscht
An déng Lëpps esou siecht
Fléisst mer dat Gedicht
Deen aner Dag ëmmer
Nach ronderëm 't Häärz.

**Jean-Claude SCHROEDER**
**(Elden - Arelerland)**

| | | |
|---|---|---|
| **Freideg** | **1** | **Allerhellegen** |
| **Samschdeg** | **2** | **Allerséilen** |
| **SONNDEG** | **3** | Haupert |
| Méindeg | 4 | Imri |
| Dënschdeg | 5 | Zilwi |
| Mëttwoch | 6 | Léinert ● |
| Donneschdeg | 7 | Willibrord |
| Freideg | 8 | Goffert |
| Samschdeg | 9 | Téidi |
| **SONNDEG** | **10** | Leo |
| **Méindeg** | **11** | **Määrtesdag** |
| Dënschdeg | 12 | Krëschtjänn |
| Mëttwoch | 13 | Brix |
| Donneschdeg | 14 | Siddoni ◐ |
| Freideg | 15 | Äbbi |
| Samschdeg | 16 | Gréidi |
| **SONNDEG** | **17** | Lissbett |
| Méindeg | 18 | Oddo |
| Dënschdeg | 19 | Mechtill |
| Mëttwoch | 20 | Edmo |
| Donneschdeg | 21 | Ruff ○ |
| Freideg | 22 | Zëssil |
| Samschdeg | 23 | Klëmm |
| **SONNDEG** | **24** | Flora |
| Méindeg | 25 | Kätti |
| Dënschdeg | 26 | Delfin |
| Mëttwoch | 27 | Astrid |
| Donneschdeg | 28 | Jhokes ◑ |
| Freideg | 29 | Zerni |
| Samschdeg | 30 | Ander |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1991

*Am Dezember vill Schnéi*
*gët vill Fruucht a vill Kléi.*

Déiffert : bei de Pateren.

# Dezember - Krëschtmount

## Den Nuetsdäiwel

*No 'r Nuetsklack, méil*
*Ewéi eng Stréil,*
*Koum e geschloff*
*Wéi d'Hand an d'Moff.*

*Um Owesiessen*
*Woult e friessen*
*Awer gesong*
*Huet hien eng Stonn.*

*An der Uucht, frech*
*Gouf en. Ewech!*
*D'Mutz flitt an d'Heck!*
*Aus d'Luucht um Eck!*

*Bis op eens, wëll*
*Wéi en Däiwel*
*Huet e gebräält*
*Ueter d'ganz Welt,*

*Getéckt, geklappt,*
*Gedréckt, gerappt,*
*Gekraazt, gebass,*
*Gebrach, gezrass!*

*Bis Hallefnuecht*
*Stung eeb nach Wuecht.*
*An engem Kraach*
*Du flunn den Daach!*

*O Mamm, O Kand!*
*Dat as de Wand!*
*Hie sutz drop waach,*
*De béisen Draach!*

**Anna STENGES**
**(Sues - Arelerland)**

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | **Adwent** |
| Méindeg | 2 | Bibbi |
| Dënschdeg | 3 | Xaff |
| Mëttwoch | 4 | Bäärbel |
| Donneschdeg | 5 | Sabbes |
| **Freideg** | **6** | **Niklosdag** ● |
| Samschdeg | 7 | Ambros |
| **SONNDEG** | **8** | Fridda |
| Méindeg | 9 | Gorgonia |
| Dënschdeg | 10 | Milti |
| Mëttwoch | 11 | Danni |
| Donneschdeg | 12 | Jhänni |
| Freideg | 13 | Lazéi |
| Samschdeg | 14 | Uddel ◐ |
| **SONNDEG** | **15** | Ninni |
| Méindeg | 16 | Addeléid |
| Dënschdeg | 17 | Lazert |
| Mëttwoch | 18 | Winnibald |
| Donneschdeg | 19 | Urbéng |
| Freideg | 20 | Abram |
| Samschdeg | 21 | Jhakob ○ |
| **SONNDEG** | **22** | Fränzelchen - Zaff |
| Méindeg | 23 | Dagobär |
| Dënschdeg | 24 | Addeli |
| **Mëttwoch** | **25** | **Krëschtdag** |
| **Donneschdeg** | **26** | **Steffensdag** |
| Freideg | 27 | Jhängelchen |
| Samschdeg | 28 | Kasper ◑ |
| **SONNDEG** | **29** | Daw |
| Méindeg | 30 | Rosch |
| Dënschdeg | 31 | Zilwester |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ